2017/1

# REWA NEWS



CIPA

‹‹ Résidence Op der Waassertrap ››

CERTIFIED ISO 9001 : 2008





Commune de Sanem

# Inhalt


3. **Editorial** vum Simone Asselborn-Bintz
4. **Fotoen** Projet 'Mënschen am Alter'
5. **Retro**
6. **5 Joer CIPA**
7. **Fester**
   ° Ouschterbazar
   **Projet Jugendhaus**
8. **Eisen Hond am CIPA**
9. **Méi zum Thema Assistenzhond**
   ° Der Hund für demenziell erkrankte Menschen
10. **Infos**
    ° Don'en 2015
    ° Kleederverkaf 2017
11. **Ausflich 2017**
12. **Sport**
13. **Expo**
14. **'T ass Kiermes am Duerf**
15. **Et hunn eis verlooss 2016/2017**
16. **Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2017**
    **Geburtsdagsfeier 2017**



**IMPRESSUM**

| | |
|---|---|
| ZEITUNG VUM: | CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| REDAKTIOUN: | Residenten an d'Lola Feltz (éducatrice diplômée/Animation) |
| LAYOUT: | Lola Feltz |
| VERBESSERUNG: | Cliff Schmit |
| FOTOEN: | Personal vun der Equipe Animation a Marie-Paule Muller |
| DROCK: | IMPRIMERIE CENTRALE |
| ADRESS: | RESIDENCE Waassertrap \| L-4408 Belvaux |
| TEL.: | +352 59 49 40 - 1 |
| KONTO: | Kontosnummer fir en 'Don'<br>LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE. |
| INTERNET SITE: | www.cipa-sanem.lu |

# Editorial



Léif Awunner aus dem CIPA Résidence op der Waassertrap, léif alleguer,

Lo hu mer de Wanter gläich erëm gepackt a kënnen op bessert Wieder hoffen. D'Wanterzäit huet zwar deelweis och seng positiv Säit mat flotte Schnéilandschaften, mee no de laangen däischteren Deeg kënne mer elo erëm op méi waarm a sonneg Momenter zielen.

Dat ass dann och déi Zäit wou där als Residente vun eisem REWA och vun den Alentoure ronderëm eist schéint Haus kënnt profitéieren.

Mat der flotter Plaz Marcelle Lentz-Cornette, direkt beim Cipa an och dem Park, dee jo ganz no ass an och aluet fir gemittlech do ze spadséieren a sech op der enger oder anerer Bänk nidder ze loossen hutt där d'Chance, är Zäit ganz entspaant do kënnen ze verbréngen.

Wéi der villäicht wësst, si mer am Juli dëst Joer schonns 5 Joer op der Waassertrap. An där Zäit ass vill geschitt, am Haus a ronderëm. Ech denken dass dat dëst Joer och nach e bësse gefeiert ka ginn.

De "Projet d'Orientation" ass dëst Joer fäerdeg ginn an där kënnt elo op de jeeweilege Stäck flott Fotoe vu fréier an haut aus eiser Gemeng gesinn, déi vum Carmen Leardini gemaach gi sinn. Der Fotografin op dëser Plaz nach emol en décke Merci.

Wat mech besonnesch freet, ass, dass Enn vum Joer een neie Matbewunner an de Cipa plënnert. Et ass dëst e ganz spezielle Matbewunner, mat enger kaler Schnuff a véier Patten. Mär kréien en Hond an d'Haus an dee wäert ärch vill Freed bréngen. Et ass dëst e speziell ausgebilten Hond, deen op d'Besoine vun den eelere Leit agoe kann. Do gëtt dann och eist Personal gefuerdert, dat sech och ëm de Mupp këmmeren muss. Mee laut Studien ass et bewisen, dass en Hausdéier grad an Institutioune ganz vill positiv Auswierkungen op d'Bewunner kann hunn an dofir huet d'Direktioun zesumme mam Schäfferot d'Decisioun geholl e Mupp z'adoptéieren.

Merci och elo schonns un d'Personal vum Cipa, dat dëse Schratt mat eis mécht.

Iwwerhaapt sinn ech frou dass mer sou zouverlässegt a gutt ausgebilte Personal hunn, wat ärch ronderëm d'Auer verwinnt an alles méiglech mécht, dass där ärch bei eis wuel fillt.

Zum Schluss wëll ech ärch nach e Saz mat op de Wee ginn, deen ech gelies hunn. D'Schauspillerin Ursula Andress sot eemol:

***"Wichtig ist die Lebensfreude, dann spielt das Alter keine Rolle"***

An dem Sënn wënschen ech ärch nach weider vill Freed, vill Liewensfreed.

Simone Asselborn-Bintz

# Fotoen

Fir de **Projet ‚Mënschen am Alter‘** goufen iwwer 80 Bewunner fotograféiert. Hei sinn nach e puer vun deene flotte Portraiten.











# Retro


D'Residenten aus dem CIPA haten elo scho puer mol Geleeënheet un enger Ausstellung oder engem Concours deelzehuelen. 2013 war et eng Ausstellung am Rehazenter, 2014 e Concours fir Gléckwonschkaarten an 2016 hate mir eng Ausstellung am CIPA.





REHAZENTER 2013









GLECKWONSCHKAARTEN CONCOURS 2014







MENG DEMENZ, MENG KRANKHEET, MÄI LIEWEN 2016







# 5 Joer CIPA

## 12. Juli 2017




**5 Joer CIPA**...ass et méiglech? Sinn dat elo scho 5 Joer ?
Den 12. Juli 2012 si mir geplënnert. Moies fréi nom Kaffi sinn dräi Busser un den Depart gaangen. Ee Richtung Beetebuerger Park, een op Bissen an de Vitarium an deen Drëtten op den Iechternacher Séi. All Destinatioun hat säin eegene Programm. Eis Residente si begleet gi vun Educateuren, Infirmieren, Aide-soignante, Aide socio familiale, Auxilliaire de vie an Tiercen. Tëschent 16:00 a 17:30 Auer sinn si zu Bieles am CIPA ukomm. Den Direkter huet d'Leit all häerzlech wëllkomm geheescht. D'Miwwel, Kleeder an Dekoratioun vun de Leit waren du schonn an hirem Zëmmer. Moies nach waren si zu Zolwer an du konnten si et net ofwaarden hiert neit klengt Räich ze entdecken. Alles war nei. Och fir d'Personal war alles nei an ongewinnt. Haut bal 5 Joer duerno huet jiddereen sech agewinnt. An der Cafeteria ass ëmmer eng lass, am Buttek 'va-et-vient', op de Stäck an an de Säll sinn eng Hellewull un Aktivitéiten. En Haus dat lieft an dat sech ëmmer weider entwéckelt. Zolwer huet ee scho bal vergiess an awer heiansdo, wann een sou zesumme mat de Residente potert, gëtt iwwert dat alt Altersheim geschwat, vrun allem vum Agangsberäich mam Kamäi gëtt gär geschwäermt.

**Mëttwochs, den 12. Juli 2017**
**feiere mir zesummen de Gebuertsdag vum CIPA 'Résidence op der Waassertrap', kommt a feiert mat eis! Halt iech deen Dag fräi!**

# Fester




## Projet Jugendhaus



Dëst Joer maache mir e Projet mam JUGENDTREFF SABA .
Zil ass et, dass Al a Jonk zesummekommen an eppes zesumme liewen, erliewen an deelen.
Musek a Lidder si wichteg fir Jonk an Al. Zesumme wëlle mir eng CD ophuele mat verschiddene Lidder. Lidder, déi eis Residente mat de Jugendlechen zesumme sangen. Een éischten Treff hate mir den 1.03.2017. Et war eng gutt Ambiance tëschent Jonk an Al, et ass vill gelaach ginn a mir hu schonns déi éischt Lidder zesumme gesongen. Mir sinn zouversiichtlech, dass dat een erfollegräiche Projet gëtt.

Tamara a Lola

# Eisen Hond am CIPA

Wéi der villäicht schonns héieren hutt, kritt de CIPA e Begleethond. Dat geschitt net einfach esou, mee alles ass vun Ufank un gutt geplangt. Den Hond kënnt aus der Rass vun de ‚Golden Retriever'. Wien net weess wéi déi ausgesinn, hei eng Foto.



Bei engem Worf ass villäicht just ee Muppes derbäi, dee fir den Training als Begleethond a Fro kënnt. Den Hond gehéiert der Associatioun. Dem Muppes säin Training fänkt direkt un. Hie muss herno 50 Wieder verstoen. Dat si kleng a kuerz Befeeler. Nëmmen esou kann hien seng Missioun am CIPA erfëllen. No enger gewëssener Zaït gëtt déi richteg Begleetpersoun fir den Hond gesicht. Am CIPA kënne Membere vum Personal hier Kandidatur stellen. Déi Begleetpersoun vum Hond muss elo léiere mam Hond ze schaffen. Et kënnt vir, dass déi éischt Persoun net déi richteg Begleetpersoun fir de Muppes ass, an dann hält d'Associatioun sech d'Recht op fir neen zur Begleetpersoun ze soen. Da muss eng nei Persoun gesicht ginn déi bei den Hond passt. Mat 2 Joer kënnt den Hond an de CIPA. Hie wunnt bei senger Begleetpersoun. Moies kënnt e mat hier schaffen an owes geet en nees mat hier heem. Fir d'Friessen, d'Léngt asw., d'Veterinaireskäschten an d'Ausbildung kënnt de CIPA op.



Dat kléngt spannend!

An der nächster Zeitung wäert ech iech méi erzielen iwwert de Begleethond a seng Begleetpersoun.



# Méi zum Thema Assistenzhond

## Der Hund für demenziell erkrankte Menschen




Was kann ein Hund wie Valentin für demenziell erkrankte Menschen tun? Wenn sich demenziell erkrankte Menschen in ihre eigene Welt zurückziehen, zu der Pflegekräfte und Angehörige kaum noch Zugang finden, können Tiere Mittler sein. Hunde äußern ihre Zuneigung ganz direkt - durch Schwanzwedeln, Anstupsen oder Anschmiegen. Sie reagieren auf Berührungen, Gesten, Augenkontakt und andere nonverbale Signale und erfassen Stimmungen und Gefühle intuitiv. Mensch und Tier verständigen sich auf einer tiefen emotionalen Ebene, die von der Krankheit nicht betroffen ist. Ein Hund reflektiert nicht und urteilt nicht. Er hadert nicht mit den Schwächen seines Gegenübers. Es stört ihn nicht, wenn ein Mensch immer wieder dieselben Dinge erzählt, wenn Worte unverständlich sind oder keinen Sinn ergeben. Für einen Hund ist sein Gegenüber vollkommen. Seine Zuneigung ist unvoreingenommen, ehrlich und bedingungslos. Damit erfüllt er die ganz ursprüngliche Sehnsucht nach Nähe, Wärme, Trost, Zärtlichkeit, Bestätigung und Anerkennung. Oftmals löst der vierbeinige Therapeut bei demenziell Erkrankten den Wunsch nach Fürsorge und Pflege aus, einem Bedürfnis, das tief im Gedächtnis verankert ist. Die Erfahrung, gebraucht zu werden, wichtig zu sein und eine sinnvolle Aufgabe zu haben, stärkt das Selbstwertgefühl der Betroffenen und ermuntert sie zur Aktivität. Durch ihr offenkundiges und unbefangenes Einfordern von Bedürfnissen sorgt ein Hund im Alltag für Struktur und Orientierung. Ein Hund wie Valentin weckt Erinnerungen und knüpft ein Band zur Wirklichkeit. Damit kann er zum Anker werden in einer Welt, die immer fremder wird. Und er übernimmt konkrete Aufgaben: er bringt Gegenstände, hebt herunter gefallene Dinge auf, oder holt Hilfe, wenn einer der Senioren Probleme hat. Auch dem Pflegepersonal und den Angehörigen öffnet er Türen. Gemeinsames Beobachten, Streicheln, Gespräche mit oder über den Hund verbinden und sorgen für eine heitere, entspannte Atmosphäre. Für Pflegende kann ein solcher Hund ein Schlüssel zur Welt demenziell erkrankter Menschen sein.

www.vita-assistenzhunde.de

# Infos




Don'en zu Gonschte vum CIPA « Résidence op der Waassertrap »

Dons au profit du CIPA « Résidence op der Waassertrap »




**16.862,73 €**

| | |
|---|---|
| 2 Pompes Perfusor | 2 Infusiounspompelen |
| Projet d'orientation | Orientéierungsprojet |
| 2 Matelas Alternating | 2 'Alternating' Matrazen |
| Appareil de verticalisation | Standing / Oprecht stoen |
| 2 fauteuils relax pour le Foyer du Jour | 2 Relaxe fir de Foyer du Jour |
| jeux de société | Gesellschaftsspiller |

*E grousse Merci un eis Donateuren!*
*Un grand Merci aux donateurs!*




## Kleederverkaf/ Vente de vêtements





- 1. Mäerz 2017 / 1 mars 2017
- 2. Mee 2017 / 2 mai 2017
- 4. September 2017/ 4 septembre 2017
- 2. November 2017/ 2 novembre 2017

Vu 14:00—17:00 Auer





## Kleederverkaf/ Vente de vêtements

- 27. Oktober 2017/27 octobre 2017

Vun 10:00—12:00 Auer

## Schungverkaf/ Vente de chaussures





- 6. Mäerz 2017 / 6 mars 2017

Vun 10:00—12:00 Auer

- 7. Abrëll 2017 / 7 avril 2017
- 16. Oktober 2017/ 16 octobre 2017

Vu 15:00—17:00 Auer

# Ausflich 2017



## Abrëll

Méindes, de 17. Abrëll 2017 gi mir op d'**Eemaischen**

Sonndes, den 23. Abrëll 2017 gi mir op den **INNEC Concert**



## Mee

An der Woch vum 06.-21. Mee 2017 gi mir an d'**Oktave**

Sonndes, de 07. Mee 2017 gi mir op Déifferdeng op den **'Alles am Béier'**



## Juni

Méindes, de 05. Juni 2017 gi mir op Wolz op d'**Gënzefest**

Dënschdes, de 06. Juni 2017 gi mir op d'**Sprangprëssessioun**





Och 2017 stinn erëm eng Hellewull u Sortien um Programm. Hei nëmmen e puer Infoen. Falls Dir interesséiert sidd deelzehuelen, da mellt Iech w.e.g. u beim Marie-Paule vun der Equipe Animatioun.

## Nächst Fester:

| | |
|---|---|
| 09. Abrëll 2017 | Ouschterbazar / Bazar de Pâques |
| 15. Abrëll 2017 | Mir gi klibberen/on va jouer de la crécelle |
| 01. Mee 2017 | 1. Mee –Meekranz / |
| | 1 mai - couronne de feuillage de mai |
| 14. Mee 2017 | Concert Apéro |
| 09. Mee 2017 | Olympiad / Rallye Pédestre |
| 04. Juni 2017 | Concert Apéro UPG |
| 11. Juni 2017 | Mammendag / Fête des mères |
| 30. Juni - 2. Juli 2017 | 'T ass Kiermes am Duerf/ Kermesse |
| 12. Juli 2017 | 5 Joer CIPA / 5 ans CIPA |

# SPORT

## Aktiv am Alter

Hutt Dir Loscht e bëssi Sport ze maachen, ma da sidd Dir häerzlech wëllkomm beim
SPORT A SPILL méindes an/oder freides moies um éischte Stack am CIPA.
A bei de KEELEN méindes mëttes am CIPA um Rez de Chaussée am Café.
Hei steet Beweegung um Programm, mee virun allem Spaass an enger lëschteger Equipe.
Zéckt net a kommt!
Falls Dir méi Infoe braucht da mellt iech w.e.g. beim Ria, Brigitte, Cinzia oder Elise.
Si stinn iech Ried an Äntwert.














# EXPO









D'Delia, eng Stagiär vun enger 14ième aus dem LTPES, huet am Kader vu sengem 11 Woche laange Stage hei am Haus, en intergenerationelle Projet gemaach. Zil war et eng Ausstellung mat eise Senioren a Studente vum Lycée Belval ze maachen, mam Titel: ***Ech liewen am Haut, mäi Kapp am Gëschter.*** Fir d'Delia war et eng positiv Erfahrung. Hatt huet gesinn, dass eis Residenten op ware fir deene Jonken ze begéinen an och déi Jonk si mat deem néidege Respekt mat de Leit ëmgaangen. Zesummen ass en plus e schéint Resultat dobäi erauskomm, op dat d'Delia immens houfreg ass. De Projet ze plangen, duerchzezéien an ofzeschléissen huet dem Delia vill Freed gemaach. Wéi hatt sollt hei bei eis de Stage maache kommen, war hatt immens skeptesch, mee elo, no dëser Erfahrung, seet hatt, dass him d' Aen opgaange sinn, dass hatt vill geléiert huet an dass et bis ewell säi beschte Stage war .

Lola F.









# 'Tass Kiermes am Duerf

beim CIPA 'Résidence op der Waassertrap' zu Bieles


**Freides, den 30.Juni 2017**

**Samschdes, den 01.Juli 2017**

**Sonndes, den 02.Juli 2017**



**Och dëst Joer organiséiere mir mat der Gemeng zesummen
dräi Deeg laang eng Kiermes.
Dës dräi Deeg gi richteg flott animéiert an dir an är Famill a Frënn sidd
häerzlech invitéiert ze kommen.
Verschidde Buden, Karussell, Intefëschen, Béxeschéissen, Musek a
Gesang, Gedrénks, Gegrilltes a Geschneeks wäerten op der
Place Marcelle Lentz - Cornette
fir Spaass suergen.
Halt Iech déi Deeg fräi, rufft är Famill an är Frënn a feiert
mat eis zesumme Kiermes.**



# Et hunn eis verlooss 2016/2017:

M Pennacchio Mario + 15/12/2016
AM ALTER VU 85 JOER

Mme Gantrel Yvonne + 08/01/2017
AM ALTER VU 93 JOER

Mme Schockmel Elise + 26/01/2017
AM ALTER VU 94 JOER

Mme Hertel Anne +29/01/2017
AM ALTER VU 94 JOER

M Bück Joseph +07/02/2017
AM ALTER VU 95 JOER

Mme Franzen Elise +13/02/2017
AM ALTER VU 76 JOER

M Kinsch Jean-Baptiste +25/02/2017
AM ALTER VUN 85 JOER

Mme Thurmes Yvonne +02/03/2017
AM ALTER VUN 89 JOER













## Freides, den 10. Februar 2017

hu mir zesumme mat de Familljen an de Residenten un eis verstuerwe Residente geduecht.

D'Christiane huet och dëst Joer nees, mat ganz vill Léift, eng Boule aus Keramik mat de Nimm vun de Verstuewenen gemaach.

Och dës gëtt nees op eng Steele an de Gaart gestallt.

Et ass ëmmer nees e besonneschen Owend, wou een d'Familljen erëmgesäit a sech e bëssen austausche kann.

## Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2017

## Bienvenue aux nouveaux collaborateurs 2017

| Nom | Prénom | Date d' entrée | Service |
|---|---|---|---|
| ADLER | Corinne | 16/11/2016 | Restaurant |
| CINELLO | Cheryl | 16/11/2016 | Assistance & Soins BF2 |
| RUBINO | Jean-Pietro | 01/12/2016 | Accueil & Hébergement |
| BEJENARU | Rodica | 01/12/2016 | Assistance & Soins BF1 |
| HUTSCH | Romaine Lucie | 15/12/2016 | Ménage |
| BOURENNANE | Noura | 15/12/2016 | Cuisine |
| FONSECA | Raphaël | 16/01/2017 | Technique |
| HENDRIX | Liliane | 16/01/2017 | Accueil & Hébergement |



Geburtsdagsfeier, den 21.01.2017



